Le caractère urgent de la question a été reconnu (10.03.2021)

n° 3814

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 10:42, 10/03/2021

Lëtzebuerg, den 10/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

Zu Duisburg gëtt et ee Pilot-Projet mat deem iwwereg bliwwen Impfdosissen um Enn vum Dag verschafft solle ginn. Duerch eng App schéckt den Impfzenter SMSen u Leit, falls Dosissen iwwreg bleiwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kënnt et zu Lëtzebuerg fir, dass Impfdosissen um Enn vum Dag ewechgehäit ginn, well Flaconen ugebrach sinn a keng weider Leit deen Dag Rendez-vous fir eng Impfung hunn?

2. Falls jo, viséiert d'Regierung, fir een änleche System opzestellen, mat dem een Owes per SMS géing déi Leit invitéieren, déi als nächst un der Réi wiere, fir nach deen Dag eng Impfung ze kréien?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député